N° 7368
Entrée le 13.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.12.2022

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 13 ten Dezember 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden:

*„An hirer gemeinsamer Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°7111 vum 3. November 2022 hunn d'Madamm Gesondheetsministesch an den Här Minister fir sozial Sécherheet e Projet mam Numm „Schlasskéier" no bei der Clinique Saint Joseph zu Wooltz an d'Gespréich bruecht.*

*An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet folgend Froe stellen:*

- *Soll dëse Projet eng Maison médicale oder e Centre médical hebergéieren?*
- *Ginn déi raimlech Kapazitéite vun der Jousefsklinik net méi duer fir verschidden Zerwisser unzebidden?*
- *Wat fir eng Leit, respektiv wéi vill Leit, sollen an dëser Struktur spéider schaffen a wéi gesäit d'Kooperatioun mat der Klinik aus?*
- *Vu, datt zënter längerer Zäit keen Noutdéngscht méi zu Wooltz an den Owes- an Nuetsstonnen ugebuede gëtt, wier et dofir net sënnvoll fir déi eidelstoend Raimlechkeeten an der Klinik ze notzen, dat fir medezinesch Déngschter, déi soss an enger Maison médicale offréiert ginn ?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert

N° 7368
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7354 vum 9. Dezember 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen an op d'parlamentaresch Fro n° 7368 vum 13. Dezember 2022 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Carole Hartmann an Här André Bauler.**

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 6221 beschriwwen, ass am Kader vun den Iwwerleeunge vum CHdN zu der Installatioun vun engem IRM Apparat um Site Woltz gekuckt ginn, ob eng Installatioun an der Klinik St. Joseph oder an engem eventuellen zukünftege Projet am Kader vun engem Centre médical 'Schlasskéier' soll realiséiert ginn. Des Iwwerleeunge sinn am Kader vun der Optimisatioun vun der Prise en Charge vun de Patienten um Site St. Joseph gemaach ginn.

Weider Detailer zum Projet 'Schlasskéier' leien dem Gesondheetsministère zu dësem Zäitpunkt net vir. D'Bedreiwe vun engem Centre médical ass onofhängeg vum Spidol. Sollten awer Spidolsaktivitéiten do realiséiert ginn, géif dat mam CHdN organiséiert ginn.

Dem Gesondheetsministère ass Enn Dezember 2022 eng Demande vum CHdN an een Dossier fir eng Autorisatioun an Installatioun vun engem IRM Apparat an der Klinik St. Joseph virgeluecht ginn. No Analyse vum Dossier wäert des Demande der Commission permanente pour le secteur hospitalier fir Avis virgeluecht ginn.

Fir d'Fro zu den Noutdéngschtservicer verweise mir op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro n° 5786.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2023

D'Gesondheetsministesch

(s) Paulette Lenert